# Biografie vun der Grande-Duchesse

D'Grande-Duchesse Maria Teresa ass den 22. Mäerz 1956 zu Havanna op Kuba op d'Welt komm.

## Presentatioun

„Als Fra mat groussem Häerz an déiwer Iwwerzeegung stellt d'Grande-Duchesse de Schutz vu schwaache Mënschen an d'Verdeedegung vun de Rechter vu Fraen a Meedercher géint all Form vu Gewalt an de Mëttelpunkt vun hiren humanitären a sozialen Aktiounen."

D'Grande-Duchesse Maria Teresa ass eent vu véier Kanner vum Här José Antonio Mestre a senger Fra Maria Teresa Batista-Falla de Mestre.
De 14. Februar 1981 huet d'Maria Teresa Mestre den Ierfgroussherzog Henri an der Kathedral Notre-Dame vu Lëtzebuerg bestuet. Aus hirem Bestietnis gi véier Jongen an eng Duechter ervir:

- De Prënz Guillaume (1981) – Ierfgroussherzog,
- De Prënz Félix (1984),
- De Prënz Louis (1986),
- D'Prinzessin Alexandra (1991),
- De Prënz Sébastien (1992).

De 7. Oktober 2000 gouf den Ierfgroussherzog Henri Grand-Duc vu Lëtzebuerg. Säitdeem dréit d'Prinzessin Maria Teresa den Titel „Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg".

D'Grande-Duchesse ass Groussmamm vu véier Enkelen an enger Enkelin:

- Gabriel (gebuer den 12. Mäerz 2006) an Noah (gebuer den 21. September 2007), déi zwee Jongen vum Prënz Louis vu Lëtzebuerg,
- Amalia (gebuer de 15. Juni 2014) a Liam (gebuer den 28. November 2016), déi zwee Kanner vum Prënz Félix an der Prinzessin Claire vu Lëtzebuerg,
- Charles (gebuer den 10. Mee 2020), de Jong vum Ierfgroussherzog an der Ierfgroussherzogin.

## Kandheet

Schonn a fréie Jore gouf d'Grande-Duchesse fir sozial an humanitär Problematike sensibiliséiert, sou wéi dat an der Famill Traditioun ass. Schonn hir Grousselteren Agustin Batista Y Gonzalez De Mendoza a Maria Teresa Falla Y Bonet hu sech aktiv u philanthropeschen a kulturellen Aktivitéiten op Kuba bedeelegt. Hirem groussen Asaz ass ënner anerem d'Aféiere vu Gesondheetsämter, déi a benodeelegte ländleche Géigende gratis medezinesch Versuergung ubidden, ze verdanken. Hir Grousselteren hu sech och un der Grënnung vum Philharmoneschen Orchester vun Havanna bedeelegt a ware bis zur kubanescher Revolutioun deenen hiren Haaptsponsor.

Wéinst der Revolutioun vum Fidel Castro huet déi jonk Maria Teresa Mestre 1960 mat hiren Eltere José Antonio Mestre a Maria Teresa Batista-Falla de Mestre an hire Geschwëster Kuba verlooss. D'Famill mat spuenesche Wuerzelen huet sech zu New York néiergelooss, wou d'Grande-Duchesse d'*Marymount Schoul* besicht huet.

Vun 1961 un war si op der *Ecole Française* zu New York. Am Juni 1965 ass d'Famill fir e puer Méint op e Familljesëtz am spuenesche Santander geplënnert, éier si sech definitiv zu Genf néiergelooss hunn. Genau wéi hir Geschwëster Antonio, Luis a Catalina huet och d'Maria Teresa eng exzellent Ausbildung gehat.

Wärend hire Papp am Finanzberäich aktiv war, huet hir Mamm, déi passionéiert vu Konscht a Literatur war, sech ëm d'Famill gekëmmert an hire Kanner d'Wäerter vum chrëschtleche Glawe bäibruecht.

## Ausbildung

Vun 1961 un huet si op der *Ecole Française* zu New York studéiert. Am Juni 1965 goung d'Grande-Duchesse fir weider Etudë fir d'éischt an den *Institut Marie-José* zu Gstaad, dono an d'*Internat Marie-Thérèse* zu Genf, wou si am Juni 1975 de franséische *baccalauréat* gemaach huet. An der Tëschenzäit hat si och déi Schwäizer Nationalitéit ugeholl. Nom Secondaire huet si sech op der *Université de Genève* ageschriwwen, wou si Politikwëssenschafte studéiert huet.

Wärend de véier Joer Studien op der Universitéit huet si hire spéidere Mann, de Prënz Henri vu Lëtzebuerg, kennegeléiert, den an déi selwecht Coursë gaangen ass.

1980 kritt d'Grande-Duchesse hiren Diplom an de Politikwëssenschaften, an de 7. November vum selwechte Joer, no hiren Universitéitsstudien, ass hir Verlobung ugekënnegt ginn.

## Humanitäert a soziaalt Engagement

Zënter hirer Hochzäit am Joer 1981, huet d'Grande-Duchesse, ënner anerem duerch d'*Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse*, wou si d'Presidence huet, sëllegen Aktiounen zugonschte vu Mënschen an Nout zu Lëtzebuerg an an der ganzer Welt gemaach.

Si iwwerhëlt eng Rei Haut-Patronagen an Engagementer fir karitativ a soziokulturell Organisatiounen zu Lëtzebuerg, dorënner d'Lëtzebuerger Rout Kräiz an *d'Fondation Cancer*.

Ausserdeem stellt si d'Verdeedegung vun der Rechter vu Fraen a Meedercher, souwéi de Kampf géint all Form vu Gewalt géint Fraen an de Mëttelpunkt vun hirem Handelen. Dëst perséinlecht Uleies huet d'Grande-Duchesse an d'Praxis ëmgesat, andeems si Fraen dozou motivéiert, sech aktiv um Opbau vun enger gerechter Gesellschaft ze bedeelegen, déi op der Würd vum Mënsch an de Wäerter vu Solidaritéit berout.

1997 gouf si fir hiren Asaz fir d'Bildung vu jonke Meedercher, d'Rechter vun de Fraen an d'Mikrofinanzen zur *Ambassadrice de bonne volonté* vun der UNESCO ernannt. 2007 gouf d'Grande-Duchesse zur *Eminent Advocate for Children* vun der UNICEF ernannt. An deem Kader ennerstetzt si d'Intresse vun Kanner op der ganzer Welt.

D'Grande-Duchesse setzt sech onermiddlech fir Kanner an hir Educatioun an. Am Januar 2016 huet si en Internationale Forum zum Thema Dyslexie organiséiert, fir den Elteren, deenen hir Kanner mat esou Problemer konfrontéiert sinn, nei Hoffnung ze ginn a bei dem hire Fils, de Prënz Louis, iwwer seng eege Legasthenie geschwat huet.

Si schafft zanter drësseg Joer enk mam Professer Muhammad Yunus (Friddens-Nobelpräis Laureat 2006) zesummen, engagéiert sech am Beräich vun der Mikrofinanz an *Inclusive Finance*, a promovéiert déi Themen zu Lëtzebuerg. *Social Business* a Fraen am Entreprenariat si fir si de Schlëssel zu der Wirtschaft vu muer. D'Grande-Duchesse ass zanter 2006 Éierepresidentin vu *LuxFLAG*, *Luxembourg Fund Labeling Agency*, der éischter Agence, déi weltwäit e Qualitéitslabel fir Mikrofinanz-Investmentfonge verdeelt. Zënter 2005 huet si och d'Presidence vun der grousser Internationaler Jury vum Europäesche Mikrofinanz-Präis, deen all Joer eng Initiativ am Beräich vun der Mikrofinanzéierung an der *Inclusive Finance* an Entwécklungslänner auszeechent.

Hir humanitär a sozial Asätz hunn d'Grande-Duchesse dacks an d'Ausland gefouert, wou si sech mat eegenen Aen e Bild vum Fortschrëtt vun de Projete maache konnt, déi si aktiv ënnerstëtzt. Si war am Nepal, Mali, Bangladesch, Thailand, Bosnien, Laos, Kenia, Senegal, Burundi an am Libanon an huet sech ëm Fraen a Kanner an Nout bekëmmert.

Am Joer 2009 gëtt d'Grande-Duchesse mam renomméierten *Steiger Award* als Unerkennung fir hir Aarbecht an der Kategorie *„Charity"* ausgezeechent.

Am selwechte Joer huet d'Grande-Duchesse op enger Rees an de Burundi eng Visitt am Zentralprisong zu Bujumbura, der Haaptstad vum Burundi, gemaach a gouf do vum Schicksal vu Mannerjärege gewuer, déi wéinst klengere Verbriechen inhaftéiert waren. Bannescht véier Joer ass et der Stëftung *Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse* mat Hëllef vum Maggy Barankitse (*Maison Shalom*) gelongen, mam Projet *La Main Tendue* 600 Mannerjäreger ze befreien, déi a burundesche Prisongen ënner onmënschleche Konditioune festgehale goufen. D'Kanner hunn, dank dësem Projet, no hirer Fräiloossung psychologesch, juristesch a pedagogesch Ënnerstëtzung kritt.

Am September 2016 ass d'Grande-Duchesse dem *Council of Patrons of the Asian University for Women* (AUW) bäigetrueden. D'Universitéit mat Sëtz zu Chittagong, Bangladesch, huet säit hirer Grënnung am Joer 2008 méi wéi 1.200 jonk Meedercher zu Féierungspersounen an Asien ausgebilt.

## Hiren Asaz fir Fraen

Besonnesch sensibel fir d'Nout, d'Isolatioun an d'Stigmatiséierung vu Fraen a Meedercher, déi a Krisegebitter Affer vu sexueller Gewalt ginn, huet d'Grande-Duchesse sech an déi Thematik ageschafft. Si mécht sech zënter 2014 staark fir eng Léisung, an huet Frae begéint, déi esou Iwwergrëff iwwerlieft hunn. 2016 ëmfänkt d'Grande-Duchesse d'Gewënnerinne vum Sacharow-Präis Nadia Murad (Friddens-Nobelpräis Lauréat 2018) an Lamiya Aji Bachar. Déi zwou jonk

irakesch Fraen aus der Communautéit vun de Yeziden maache sech staark fir hir Gemeinschaft a sinn zum Symbol gi fir Fraen, déi Affer vu Gewalt vum Islamesche Staat goufen.

Am Joer 2016 huet d'Grande-Duchesse den Dr. Denis Mukwege (Friddens-Nobelpräis Lauréat 2018) getraff. Déif beréiert vu senger Aarbecht huet si d'Initiativ ergraff, mat him a mam Céline Bardet, Grënnerin a Generaldirectrice vun der Associatioun *We are not Weapons of War*, den internationale Forum *Stand Speak Rise Up!* am Mäerz 2019 zu Lëtzebuerg ze organiséieren, fir der sexueller Gewalt a Konfliktgebidder en Enn ze setzen.

Dësen internationale Forum huet méi wéi 1.200 Persoune ronderëm 50 „Survivantes" versammelt, déi aus allen Deeler vun der Welt komm waren. Besonnesch ervirzehiewe bleift d'Präsenz vun den dräi Friddensnobelpräisdréier Professer Muhammad Yunus, Dokter Denis Mukwege an Nadia Murad. De Forum war eng Plattform fir d'Debatt an den Austausch tëscht verschiddenen Acteuren an hirem Kampf géint sexuell Gewalt a Konfliktgebidder an de weiblechen Affer selwer. De Forum huet d'Erfarungen, d'Aktiounen, an d'Recommandatioune souwuel vu Vertrieder vun nationalen an internationalen Organisatiounen, ewéi och vun den Affer vu sexueller Gewalt beliicht. D'Konferenz huet och déi sozioekonomesch Auswierkunge vun dëse Verbriechen an d'Mënscherechtsverletzungen analyséiert. Et goufen Initiative virgestallt, déi di Betraffen ënnerholl hunn, fir ze heelen, Gerechtegkeet z'erfueren, sech Gehéier ze verschafen an Acteure vum Fridden a Wandel ze ginn.

Mat der Grënnung vun der Associatioun *Stand Speak Rise Up!* am Joer 2019, geet der Grande-Duchesse hiert Engagement virun, d'Vergewaltegung als Krichswaff a sexuell Gewalt a Krisegebidder opzedecken, hir Verbreedung ze verhënneren an d'Affer bei hirem Neiopbau an hire Wonsch no Gerechtegkeet ze ënnerstëtzen. Vill bekannt an engagéiert Perséinlechkeeten aus der ganzer Welt hu sech an der Associatioun zesummefonnt.

Als Deel vun de Virbereedunge fir de Forum huet d'Grande-Duchesse 2018 eng humanitär Rees an de Libanon gemaach. Si wollt op der Plaz Iwwerliewender vu sexueller Gewalt (Flüchtlingen a Migranten) treffen, hir Leidensgeschicht lauschteren a si bei hirer Sich no Gerechtegkeet a Guttmaachung ënnerstëtzen. Si huet och e Mikrofinanzprojet besicht, deen de Status vu Fraen, virun allem vu Flüchtlingen, verbessere soll.

2018 huet d'Grande-Duchesse ausserdeem bei den *Entretiens de Royaumont* zum Thema „Eng Fra an en Affer sinn" geschwat. An hirer Ried ass si op déi schwéier sozioekonomesche Nowierkunge vu Vergewaltegungen a Konflikter a Krisegebidder agaangen. Si huet dozou opgeruff eng international Allianz vun Iwwerliewenden a wichtegen ziville Perséinlechkeeten ze grënnen, fir de Kampf géint sexuell Gewalt ze verstäerken, d'Präventioun ze verbesseren an Guttmaachungs- an Unerkennungsléisungen ëmzesetzen.

2020 gouf d'Grande-Duchesse vun der NATO invitéiert, un engem digitalen Dialog zum Thema sexuell Gewalt a Konfliktgebidder deelzehuelen.

*„Mir musse vun der Emotioun zur Aktioun kommen! Ech sinn iwwerzeegt, dass déi Betraffen zu Acteuren vum Wandel kënne ginn, wa si an de Mëttelpunkt vun der Debatt gestallt ginn!"*

Am Joer 2020 war si Éierepresidentin vum Jury vum *Prix de la Femme d'influence*, mat dem Fraen ausgezeechent ginn, déi sech an der Gesondheetskris besonnesch ervirgedoen hunn.

Den engagéierten Asaz vun der Grande-Duchesse fir d'Fraen op der ganzer Welt huet sech an all deene Joren och a sëllegen Aktioune fir d'Fraen zu Lëtzebuerg gewisen.

Säit 2019 bedeelegt si sech aktiv un der Campagne fir de Start vun der Orange Week zu Lëtzebuerg a gesäit verschidden Associatiounen, déi ënner anerem aktiv sinn am Schutz vun den Affer vun haislecher Gewalt.

Wärend de Covid-19 bedéngte Lockdown Perioden, steet d'Grande-Duchesse a reegelméissegem Kontakt mat vereenzelten Associatiounen, déi si ënnerstëtzt, sief et duerch Telefonsgespréicher, Videomessagen, déi zur Solidaritéit opruffen, oder duerch d'Participatioun u Campagnen an de sozialen Netzwierker.

Mat der *Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse* huet si verschidden Aktioune lancéiert, wéi d'Verdeelung vu Smartphones an Tablets an Heemer, déi sech fir de Schutz vun Affer vun häuslecher Gewalt asetzen, mee och virun allem Studenten a prekäre Situatiounen eng finanziell Hëllef ugebueden.

2021 engagéiert d'Grande-Duchesse sech am Kampf géint Gewalt u Fraen a Meedercher bei der *Vodafone Foundatioun Luxembourg* a bei der a.s.b.l. *Femmes en Détresse*, andeems si d'App *Bright Sky* ënnerstëtzt, déi den Affer an hire Familljen hëlleft.

Um Social Business Day erënnert si dorun, wéi wichteg et ass, d'Bildung vu Fraen a Meedercher souwéi den Entreprenariat vu Fraen ze ënnerstëtzen, fir déi global Zieler fir eng nohalteg Entwécklung ze erreechen.

## Auszeechnungen vun der Grande-Duchesse

Déi héich Auszeechnungen, déi d'Grande-Duchesse fir hiert humanitäert Engagement kritt huet, sinn Unerkennung fir hiert aussergewéinlecht Engagement. Am Oktober 1999 krut si als d'Ierfprinzessin den Éierendoktertitel vun der Seton Hall University (New Jersey, USA).

Am Februar 2003 krut si den Éierendoktertitel vun der Universitéit vu Leon (Nicaragua) an den 13. Juni 2006 huet hir e Vertrieder vum hellege Stull bei de

Vereenten Natiounen den *Path to Peace Award* iwwerreecht. Dëse Präis gëtt all Joer u Persoune verginn, déi sech duerch hiert humanitäert a soziaalt Engagement ausgezeechent hunn.

Am Joer 2013 krut si vum Veräin ELPIDA den *Internationalen Solidarity Award* als Unerkennung fir hiren Asaz fir kriibskrank Kanner

Den 10. September 2021 gouf si opgrond vun hirem onermiddlechen Asaz fir d'Rechter vu Fraen a virun allem fir hire konkreten Asaz fir Iwwerliewender vu Vergewaltegung als Krichswaff als "Global Champion for the Fight Against Sexual Violence in Conflict" ausgezeechent. Dëse prestigiéisen Titel vun de Vereenten Natiounen ass eng Unerkennung vun hirem Kampf géint Stroflosegkeet a fir d'Verdeedegung vun engem universellen Humanismus, dee fir eng Zukunft a Gerechtegkeet a Fridde steet.

## Interessen

D'Grande-Duchesse verbréngt immens gären Zäit mat hiren Enkelkanner. Si intresséiert sech och fir dekorativ Konscht an Design an huet an hirer Jugend 18 Joer laang klasseschen Danz studéiert. Si séngt gären, spillt Gittar a geet och gäre mat hiren Hënn spadséieren.

Aus Leidenschaft fir Literatur war si 2016 Member vum Jury fir de Literaturpräis fir historesch Romaner, dem *Prix des Princes*, zu Paräis.

Am Januar 2019 huet d'Grande-Duchesse dem Loris Chavanette de *Prix de l'Histoire* fir säi Buch "Quatre-vingt-quinze, La Terreur en procès" iwwerreecht.